



N°19
Entrée le 13.11.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Michel Wolter
Luxembourg, le 13.11.2023
Chambre des Députés

Michel WOLTER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13ten November 2023, den 13/11/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.

Oft ass et esou, dass eng Affär, trotz dass se um Geriicht jugéiert an entscheet gouf, fir d'Affer trotzdeem nach net fäerdeg ass, grad wann Harcèlement am Spill ass. Heiansdo kënn et souguer vir, dass d'Beschlëss vum Riichter, doduerch, dass perséinlech Donnéeën enthale sinn, d'Affer a weider Problemer brénge kënnen.

An engem Fall vu psycheschem Harcèlement gëtt bei enger Decisioun vum zoustännege Riichter och eng Kopie vum Beschluss un déi betraffen Acteure geschéckt. Hei ass et esou, dass d'Adresse vun de Persounen Deel op dësem Beschluss dropstinn an domat och dem Täter zur Verfügung stinn.

Een aneren, méi extreme Fall, fënnt een am Jugendschutzgesetz vum 10ten August 1992. Ee Kand gëtt am Prinzip vu senger biologeschen Eltere versuergt a groussgezunn. Leider existéieren an all Gesellschaft Fäll, wou een d'Kanner virun hire biologeschen Eltere schütze muss a wou et besser ass, dass d'Kanner net bei hiren Eltere liewen, grad wa Gewalt am Spill ass oder d'Kanner staark vernoléisseg ginn. An dësen Extremfäll ginn d'Kanner duerch ee Riichterbeschluss vum Jugendriichter, op Basis vum Jugendschutzgesetz, placéiert. An dësem Riichterbeschluss ginn opbauend um Jugendschutzgesetz d'Konditiounen vum Placement festgeluecht. Eng Kopie vun dësem Beschluss, deen och d'Adress vun allen Acteuren enthält, gëtt och un d'biologesch Eltere geschéckt.

A béide Fäll entstinn doduerch potenziell Risiken. Eng Fleegefamill an d'Kand, dat geschützt soll ginn, zum Beispill, ginn duerch de Beschluss exposéiert, dass eventuell déi psychesch erkrankte biologesch Elteren hire Wunnuert matgedeelt kréien. Een Harcèlement-Affer gesäit seng perséinlech Adress un den Täter ausgeliwert.

Grad wann et ëm de Schutz vun den Affer geet, stellen sech eiser Meenung no fundamental Froen, déi den Datschutz an och de Schutz vun de betraffene Leit betreffen.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Op wéi eng Dispositiounen a Jurisprudenz (souwuel am Fall vum Droit penal als och bei Jugendschutzgesetz) geet d'Decisioun zeréck, déi d'Vermëttlung vu perséinlechen Adressen un all net-institutionell Acteuren noutwenneg mécht?



www.piraten.lu

2. Ginn et Iwwerleeungen, wéi een eng beschriwwen Transmissioun vun den Adressen un net institutionell Acteuren evitéiere Risik
Résultat
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Michel Wolter
Luxembourg, le 13.11.2023
Chambre des Députés
3. Wéi eng Mesurë gi geholl oder zukünftig envisagéiert, fir déi beschriwwenen, aus de Situatiounen entstoeend Risiken ze minimiséieren an domat déi betraffe Leit ze schützen?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Deputéierten

